PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 10/06/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

An der Äntwert op eng vu menge parlamentaresche Froen (n°4194) zum Klimabilan vun der Cargolux, hunn d'Ëmweltministesch an de Mobilitéitsminister erkläert,

> "*Cargolux huet sech mat der ANA engagéiert, fir déi descht Uwennung vun den Ausnamen zum Nuetsfluchverbuet festzeleen. Am Kader vum Aktiounsplang géint de Kaméidi, hunn d' ANA a Cargolux 2018 eng "Charte de lutte contre les nuisances sonores" ënnerschriwwen. D'Zil vun dëser Charte ass et, d'Nuetsflich an d'Motostester ze limitéieren an déi descht Methoden a Verhalensweise fir eng Réductioun vum Kaméidi unzewennen."*

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ginn an dëser Charte konkret Ziler festgehalen, wat d'Unzuel vun den Nuetsflich an de Geräischpegel ugeet?
2. Hunn nach weider Fluchgesellschaft esou Charten ënnerschriwwen?
3. Falls an der Charte vun 2018 keng konkret Ziler festgehale sinn, gedenkt de Mobilitéitsminister esou Ziler mat der Cargolux an den aneren Fluchgesellschaft opzestellen?
4. Ass een Datum virgesinn, ab deem keng Nuetsflich méi vum Findel aus geflu ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député